ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28. September 2022

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister an den Här Wirtschaftsminister weiderzeleeden.

Viru Kuerzem ass dem Statec säin "Le Luxembourg en chiffres 2022" publizéiert ginn. An der Rubrik "Enseignement" stellt ee fest, datt d'Zuel vun de Studenten, déi am Ausland studéieren an eng finanziell Hëllef vum Staat kréien ("chiffres fournis par l'aide financière") sech säit 1999/2000 bal versiwefacht huet, vu 4.401 op 28.397.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un den Här Minister:

1) Wéi vill vun dësen 28.397 Studenten, déi eng finanziell Hëllef vum Staat kréien, wunnen hei am Land? Wéi ass déi weider Opdeelung op déi verschidden aner Länner?
2) Wéi deelt sech d'Zuel vun deene Studenten, déi zu Lëtzebuerg wunnen, op no Geschlecht an Nationalitéit?
3) Wier et net méi intressant d'Zuel vu Studenten, déi tatsächlech aus Lëtzebuerg kommen, unzeginn am Bichelchen "Le Luxembourg en chiffres 2022"?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup,
Deputéierten